



Administration communale
de Reckange-sur-Mess



N°1 :: 2020

:: www.reckange.lu

Gemengebuet

Reckeng op der Mess

RECKENG OP DER MESS :: PIISSENG :: LAMPECH :: EILENG :: RIEDGEN :: WICKRENG



Impressum



Editeur responsable:

Administration Communale de Reckange-sur-Mess

ISSN 2418-442X

Mise en page et textes:

Julien Primout

Rapports des séances du conseil communal:

Savas Koroglanoglou, Julien Primout

Photos:

Jean-Marc Liacy, Julien Primout, Germain Thomas, Nicole Thorn

Photo de couverture:

Les 3 alpacas Adam, Babalou et Diogo, présents au marché de Noël de Reckange-sur-Mess

Réalisation:

Reka Print +
2a, Zare llot-Est
L-4385 Ehlerange
tél.: 48 26 36-1
www.reka.lu

Imprimé sur du papier Circle offset recyclé



Kennen Sie schon / Connaissez-vous



*Um unseren Einwohnern dringende und wichtige Informationen zu übermitteln, hat die Gemeinde Reckingen/Mess **SMS2CITIZEN** eingeführt. In Notfällen (z.B. Wasserabschaltung, Straßensperren) kann die Gemeinde so ihre Einwohner unverzüglich per SMS erreichen und informieren. **Melden Sie sich jetzt an:** www.reckange.lu/mediatheque?media=88, oder telefonisch: 37 00 24 - 26.*

*Pour pouvoir transmettre des informations urgentes et importantes à ses habitants, la commune de Reckange-sur-Mess a instauré **SMS2CITIZEN**. Ainsi, en cas d'urgence (coupure d'eau, route barrée, etc.), la commune pourra avertir sans retard les habitants concernés par SMS. **Inscrivez-vous dès maintenant:** www.reckange.lu/mediatheque?media=88 ou par téléphone au 37 00 24 - 26.*

Index

4	Virwuert vum Här Buergermeeschter
5	Préface de Monsieur le Bourgmestre
6	Annuaire
7-9	Rapport de la séance du conseil communal du 3 octobre 2019
10-12	Rapport vun der Sëtzung vum Gemengerot vum 3. Oktober 2019
13-14	Rapport de la séance du conseil communal du 14 novembre 2019
15-16	Rapport vun der Sëtzung vum Gemengerot vum 14. Novembre 2019
17	Analyse d'eau potable
18	„Nature For People“ vun der / du SICONA 
19	Dohigekuckt / <i>coup d'œil</i>
20	Un petit jeu sans conséquence
21	Journée de la Commémoration Nationale
21	Fiederball Reckeng - Trikots-lwwerreechung / <i>Remise des maillots</i>
22-24	Halloweenlaf
25	Jazz-Owend mam / <i>Soirée Jazz avec le Michel Meis 4Tet</i>
26	«Se chauffer au bois» avec myenergy Luxembourg
27	<i>Présentation du cadastre solaire de Reckange-sur-Mess</i>
28	Dag vum Bam / Journée de l'arbre
29-33	Reckenger Chrëschtmaart
34	An eegener Saach / <i>En ce qui nous concerne</i>
34	Déi nei Ziler vum / <i>les nouvelles destinations du Messbus</i>
35	État civil
35	Wat ass „Furoshiki“?
36	D'Reckenger Jugendhaus
✂ 37	<i>Appel à candidatures: Reckenger MultiKulti 2020</i>
38	Opruff / <i>Appel: Mérite Sportif 2019</i>
39	Manifestatiounskalenner / <i>Calendrier des manifestations</i>

Léif Matbierger aus der Gemeng Reckeng



2019 gehéiert der Vergaangenheet un an hoffentlech kënne mir eis op e glécklecht an zefriddestellend Joer 2020 freeën. An äiser Gemeng kënne mir houfreg op 2019 zeréckblécken:

De Klimaschutz ass en Thema, dat fir vill Gespréichsstoff suergt, an de Moment probéieren déi meeschte Leit och op iergendeng Aart a Weis derzou bäizedroen, eis Ressourcen ze schounen a verantwortungsvoll domat ëmzegoen. Och um Gemengenniveau ass do sou munches passéiert. D'Rotschléi vum Klima-Team si befollegt ginn a mir konnten eng ganz Rëtsch Mesuren ëmsetzen déi derzou bäidroen, Energie anzespueren. Dofir gouf d'Gemeng Reckeng op der Mess am Summer 2019 och duerch d'Iwwerreeche vun der Klimapakt-Zertifikatioun belount. Mir hunn direkt am 1. Ulaf 52% vun de Virgaben erreicht a goufen direkt an déi zweethéchst Kategorie klasséiert. Mir wëllen eis awer net op eise Lorberen ausrouen, villméi soll et en Usporn si fir mat nach méi Efforten deen nächste Echelon z'erreechen.

Am Hierscht konnte mir no 14 Joer Preparatiounsaarbechten och äisen neie PAG definitiv op den Instanzeweie schécken. No der Approbatioun vum Ministère de l'Intérieur wäerte mir dann och déi néideg Instrumenter hu fir de Wunnengsbau an deenen nächste Joren an äiser Gemeng ze steieren. Obscho mir nëmmen e moderate Wuesstem ustriewen, wäert d'Awunnerzuel an den nächste Joren an d'Luucht klammen, an déi néideg Investissementer, Infrastrukturen a Mataarbechter musse gutt virbereet ginn.

Och d'Aarbechten um neie Kollekt, deen d'Ofwaasser vu Reckeng op Steebrécken leede soll, an zu deem och eng Partie Réckhaltebecke gehéieren, wäerten am Laf vum Joer, no laange Preparatiounsaarbechten, an Ugrëff geholl ginn. Dëst ass absolut noutwenneg, well d'Maximalkapazitéit vum ale Kollekt aus dem Joer 1977 erreicht gouf.

Nodeems am Dezember de Budget 2020 eestëmmeg geneemegt gouf, kann een dorann och schonn éischt Erkenntnisser erausliesen, dass mir eis fir d'Zukunft gutt opstelle wëllen. Dee gréisste Projet fir déi kommend Joren ass lancéiert: de Bau vun enger neier Maison Relais op äisem Schoulcampus. Duerch dese Projet, dee Plaz fir 250 Kanner bidde wäert, an

och direkt mat dem Schoulgebai verbonne gëtt, schaafe mir anengems nees Raum fir eng Partie weider Schoukllassen.

Well an deene läschte Joren ëmmer verstänneg mat de Finanzen ëmgaang ginn ass, si mir elo an der glécklecher Situatioun, dass mir och duerch de Bau vun der Maison Relais net dru gehënnert ginn nach aner Projeten ëmzesetzen. Esou wäerte mir den Ëmbau vum fréiere Schoulhaff vun der Éilenger Spillschoul an Ugrëff huelen, fir doduerch de Foussgänger méi Sécherheet op dëser enker Plaz ze schafen an anengems den Duerfkär opzewäerten.

En neie Busarrêt zu Reckeng beim Kierfecht an d'Neigestaltung vun den Agäng vun äisen Uertschaften ass och an der Preparatioun.

Ech well op dëser Plaz alle Gemengeconseillere e grouse Merci ausschwätze fir hir konstruktiv Mataarbecht. Mir hunn déi immens Chance, dass de ganze Gemengerot un engem Strang zitt a jidderee bereet ass säi Bescht ze gi fir eng Gemeng ze schafe, wou d'Leit sech wuelfillen.

Och all äise Mataarbechter aus der Administratioun, dem Service technique an dem Atelier well ech hei emol Merci soe fir hiren aldeeglechen Asaz am Déngscht vun eis alleguer.

Ofschléissend wënschen ech iech alleguer am Numm vum Schaffen- a Gemengerot e glécklecht an zefriddent neit Joer.



Carlo Muller
Buergermeeschter

Chers citoyens de la commune de Reckange

2019 appartient désormais au passé et nous nous tournons vers l'année 2020 avec hâte et espoir. Au sein de la commune, nous avons une multitude de raisons d'être fiers de l'année écoulée:

La protection du climat fait partie de ces sujets qui font couler beaucoup d'encre et la plupart d'entre nous essaie et parvient à contribuer à notre façon à la préservation de nos ressources. Au niveau communal, beaucoup de mesures ont été mises en oeuvre en suivant les conseils de notre équipe climat. Voilà pourquoi durant l'été 2019, la commune de Reckange-sur-Mess s'est vu décerner la Certification Pacte Climat. Ce premier élan a permis de nous positionner dans le deuxième échelon, avec 52% des mesures remplies. Par contre, cela ne nous donne aucun droit de nous reposer sur nos lauriers. Au contraire, il s'agit là plutôt d'une incitation à atteindre le prochain échelon en redoublant encore d'efforts.

Cet automne, et au bout de 14 longues années de préparation, nous avons pu soumettre notre nouveau PAG aux instances. Suite à l'approbation du Ministère de l'intérieur, nous disposons des instruments nécessaires pour contrôler et orienter la construction de logements dans notre commune. Même si nous n'aspirons qu'à une croissance modérée, nous ne pourrions empêcher une augmentation de la population et les investissements nécessaires devront être préparés convenablement. Cela va de même pour nos infrastructures et nos collaborateurs.

Finalement, et suite à d'importants travaux de préparation, nous allons entamer les travaux du nouveau collecteur, qui acheminera les eaux de Reckange à Pontpierre, et auquel appartiennent un certain nombre de bassins de rétention d'eau. Cela s'avère indispensable car l'ancien collecteur, datant de 1977, a atteint sa capacité maximale.

Après avoir voté le budget 2020 à l'unanimité, nous pouvons en extraire certains indices quant au futur positionnement de la commune. Le projet le plus important des prochaines années est lancé: la construction de la nouvelle maison relais sur notre campus scolaire. Ce projet, qui offrira 250 places d'accueil pour les enfants et qui sera directement connecté

au bâtiment scolaire, permettra également d'envisager un certain nombre de salles de classe supplémentaires.

Durant les dernières années, nous avons pris l'habitude de traiter nos finances raisonnablement. C'est pourquoi nous avons maintenant les moyens de mettre en oeuvre d'autres projets, parallèles à celui de la maison relais. Nous allons entamer les travaux de réaménagement de l'ancienne cour de récréation de l'école maternelle d'Ehlinge, afin d'offrir plus de sécurité aux piétons et de revaloriser le centre du village.

Un nouvel arrêt de bus à proximité du cimetière de Reckange ainsi que le réaménagement des entrées de nos villages sont d'ores et déjà en préparation.

Je voudrais en profiter pour remercier nos conseillers communaux pour leur collaboration constructive. Nous avons la grande chance d'avoir à notre disposition un conseil communal tirant dans le même sens et dans lequel chaque membre donne le meilleur de soi pour créer un environnement communal où il fait bon vivre.

De même, je remercie tous nos collaborateurs au niveau de l'administration communale, du service technique et de l'atelier communal pour leurs efforts quotidiens au service de nous tous.

Pour finir, au nom du collège échevinal et du conseil communal, je vous souhaite une nouvelle année riche en bonheur et gaieté.



Carlo Muller
bourgmestre

**Heures d'ouverture de
l'administration communale**

Lundi à mercredi et vendredi:
8.30 à 11.30 et 14.00 à 16.30
Jeudi: 7.00 à 11.30 et 14.00 à 19.00

Gemeng Reckeng

83, rue Jean-Pierre Hilger
4980 Reckange-sur-Mess
Téléphone: 37 00 24 - 1
Fax: 37 92 20
E-Mail: commune@reckange.lu

Annuaire

Collège des bourgmestre et échevins

Carlo MULLER	bourgmestre	621 29 91 90	camuller@pt.lu
Robert LECLERC	1 ^{er} échevin	621 18 03 21	robert.leclerc@reckange.lu
Christian TOLKSDORF	2 ^e échevin	691 30 06 76	christian.tolksdorf@reckange.lu

Conseil communal

Dominique DA COSTA	conseiller communal		dominique.dacosta@reckange.lu
Lucien FRANCK	conseiller communal		franckl@pt.lu
Sonja HEYARD-RIES	conseiller communal		sonja.heyard@reckange.lu
Marc LUDWIG	conseiller communal	621 41 91 26	marc.ludwig@reckange.lu
Esther SCHORTGEN	conseiller communal		esther.schortgen@reckange.lu
Nicole THORN	conseiller communal		nicole.thorn@reckange.lu

Services communaux

Réception/Population	James THOMES		37 00 24 - 51	james.thomes@reckange.lu	
	Fabienne DEL DEGAN		37 00 24 - 9	fabienne.deldegan@reckange.lu	
	Tim DRAUTH		37 00 24 - 1	tim.drauth@reckange.lu	
Facturation	Nathalie HENSEN		37 00 24 - 23	nathalie.hensen@reckange.lu	
Secrétariat communal	Savas KOROGLANOGLOU		37 00 24 - 20	savas.koroglanoglou@reckange.lu	
Etat civil / Ressources humaines	Jenny MANNES		37 00 24 - 22	jenny.mannes@reckange.lu	
Receveur communal	Véronique GOBERT		37 00 24 - 30	veronique.gobert@reckange.lu	
Relations publiques	Julien PRIMOUT		37 00 24 - 26	julien.primout@reckange.lu	
Service technique	Serge VERMEULEN		37 00 24 - 48	serge.vermeulen@reckange.lu	
	Magali JACOB		37 00 24 - 40	magali.jacob@reckange.lu	
	Nicole KREIS		37 00 24 - 49	nicole.kreis@reckange.lu	
	Gilles SCHODER		37 00 24 - 42	gilles.schoder@reckange.lu	
Atelier communal	Claude BOURKEL		26 37 09 45	claud.bourkel@reckange.lu	
			37 13 45	atelier@reckange.lu	
Service d'incendie	Luc THINNES	chef de corps	55 44 05 - 1	thinnes.luc@cismr.lu	
		Permanence (décès)	621 20 93 11	(samedi de 9.00 - 12.00)	
		Permanence technique	621 37 00 24	(24h/24h)	
		Garde Forestier	Alain SCHOMER	621 20 21 52	
		Curé	Paul MULLER	95 80 49	
		Office Social Commun	Christian WEIS	26 11 37 25	(8.00 - 10.00)
		Hexemeeschter		26 37 05 76	
		Stéftung Hëllef Doheem		40 20 80	
		Police Porte du Sud		244 57 - 200	
		Police Esch-sur-Alzette		49 97 55 00	
		Police		113	
		Pompiers/Ambulance		112	

Séance du conseil communal du 3 octobre 2019

Présents: Carlo Muller (bourgmestre), Robert Leclerc, Christian Tolksdorf (échevins), Dominique Da Costa, Sonja Heyard, Marc Ludwig, Nicole Thorn, Esther Schortgen (conseillers), Savas Koroglanoglou (secrétaire communal)

Excusé: Lucien Franck

1. Informations du collège échevinal

- Le 16 septembre 2019, Marcus Redinger, le nouvel apprenti paysagiste/pépiniériste, a pris ses fonctions au sein de l'atelier communal.
- Le 16 et 17 septembre 2019, la commune a accueilli dans ses locaux le Service de contrôle de la comptabilité des communes.
- Le 25 septembre 2019, le conseil échevinal a accueilli Madame Diane Wunsch, coordinatrice du Télévie. Son souhait était d'organiser un «Centre de Promesses» à Reckange-sur-Mess pour 2020. Le collège salut ce projet, mais les délais étant trop court et le calendrier des manifestations trop chargé, ce projet n'a pas été retenu pour l'année prochaine.
- Le 26 septembre 2019 a eu lieu une première entrevue avec les responsables du Downhill & Mountainbike Club de Reckange-sur-Mess, en compagnie du garde forestier, Monsieur Alain Schomer. Cette discussion traita deux volets: D'un côté, la commune avait omis de prolonger l'autorisation de l'établissement de la piste de Downhill dans la zone verte, valable durant deux ans. De l'autre côté, certains éléments de la piste ont été entretenus et réparés par les soins du club, là aussi sans autorisation. Il faut préciser que la nouvelle loi de la protection de la nature apporte avec elle des consignes encore plus sévères, et féliciter l'engagement des jeunes du club, qui ont démonté et évacué toute la piste selon les règles et endéans un week-end. Dès maintenant, et afin d'obtenir toutes les autorisations nécessaires à l'exploitation d'une nouvelle piste, il faudra solliciter le ministère de l'environnement et les propriétaires du terrain pour procéder à un éventuel reclassement du terrain en zone de récréation, telle une aire de jeux en zone verte.
- Une entrevue a eu lieu entre le collège échevinal et la société «Bread Box», qui propose d'installer dans la commune un distributeur automatique de baguettes. Ce pain est cuit sur place et à la demande. Il n'y aura pas de frais supplémentaires pour la commune, qui touchera même un petit loyer. Les conseillers sont désormais sollicités pour avis.
- Le 16 septembre 2019, l'autorisation de construction pour le contournement de la barrière ferroviaire de Dippach a été signée. Pour inciter à la mobilité douce, il a été convenu la construction d'un pont pédestre au dessus de la N13, à la fin de la Huelstrooss à Reckange-sur-Mess.
- Le 28 octobre 2019, donc pour le début des vacances scolaires de la Toussaint, débiteront les travaux de la

rue Kamerich. La rue sera réaménagée et une partie du canal sera réorienté. La rue sera barrée et le carrefour à proximité de l'école creusé. (voir photo p. 9)

- Le 12 octobre 2019 aura lieu la journée de la Commémoration Nationale. Tous les membres du conseil communal et les associations locales y sont chaleureusement invités.
- Le 19 octobre 2019 aura lieu le traditionnel «Halloweenlaf», organisé par la Commission des Sports de Reckange-sur-Mess.
- Le 31 octobre 2019 aura lieu une réunion de travail portant sur les réclamations des concitoyens déposées auprès du Ministre de l'Intérieur dans le cadre de la refonte du PAG.
- La prochaine réunion publique du conseil communal aura lieu le 14 novembre 2019.
- Le 28 novembre 2019 aura lieu une réunion de travail portant sur l'agrandissement de la Maison Relais de Reckange-sur-Mess.
- Le 30 novembre 2019 aura lieu le traditionnel marché de Noël de Reckange-sur-Mess.



Administration communale
de Reckange-sur-Mess

AVIS

Il est porté à la connaissance du public que le conseil communal de Reckange-sur-Mess, en sa séance du 3 octobre 2019, a **approuvé un règlement communal relatif à l'octroi d'une subvention pour l'acquisition et l'installation de bassins de récupération d'eaux pluviales**. Le règlement de la sorte a été visé par Madame la Ministre de l'Intérieur le 11 octobre 2019.

Le texte de cette délibération est à la disposition du public à la maison communale, où il peut en être pris copie sans déplacement.

Reckange-sur-Mess, le 17 octobre 2019.

Le collège des bourgmestre et échevins

Carlo Muller, bourgmestre
Robert Leclerc, échevin
Christian Tolksdorf, échevin



- Le 5 décembre 2019 aura lieu une réunion de travail portant sur la 1^{ère} version du budget 2020.
 - Le 19 décembre 2019 aura lieu la dernière réunion publique du conseil communal de l'année.
- 2. Approbation du rapport de la dernière séance du conseil communal**

Le conseil communal approuve à l'unanimité le rapport de la dernière séance du conseil communal.
 - 3. Approbation de la convention et du dossier d'exécution pour la réalisation d'un plan d'aménagement particulier**

Le conseil communal approuve à l'unanimité la convention et le dossier d'exécution pour la réalisation d'un plan d'aménagement particulier à Wickrange, «Op dem Pad». Le 25 juillet 2019, le projet relatif au projet d'aménagement particulier a été approuvé par Mme. la Ministre de l'Intérieur. Le devis de ce projet d'exécution s'élève à 2.700.264,06 €.
 - 4. Cartographie des zones inondables et des risques d'inondation**

L'avis du conseil communal est sollicité dans ce dossier, où le collègue échevinal propose d'aviser favorablement le projet des cartes des zones inondables et des risques d'inondation. Le 17 juin 2019, le public a été informé de l'élaboration des projets des cartes des zones inondables et des cartes des risques d'inondation. Ces cartes sont consultables à la commune et téléchargeables sur le site internet du Ministère de l'Environnement, du Climat et du Développement durable. Endéans le délai imparti, aucune remarque n'est parvenue au collège. Le collège échevinal se montre surpris que les ruisseaux «Mess» et «Pisbaach» ne soient pas retracés sur les cartes des zones inondables et les cartes de risques d'inondation, car ceux-ci représentent un risque d'inondation en cas de forte intempérie.
 - 5. Approbation de 11 décomptes relatifs à divers travaux extraordinaires:**

Le conseil communal approuve à l'unanimité 11 décomptes relatifs à des travaux extraordinaires qui concernent

 - l'acquisition du mobilier pour la mairie,
 - les travaux d'éclairage du chemin vicinal reliant la rue Huelstrooss et 'Dippach-Gare',
 - les travaux de renouvellement partiel de la tuyauterie du réservoir 'Hoën' à Ehrlange,
 - les travaux de remplacement des feux rouges dans le rue de Roedgen à Reckange-sur-Mess,
 - les travaux de réaménagement du trottoir le long de la rue des Trois Cantons à Ehrlange,
 - les travaux d'aménagement d'un trottoir de la rue de Reckange à Limpach,
 - les travaux d'aménagement d'une aire de jeux derrière le parking du Mess Café,
 - les travaux de réhabilitation du château d'eau à Limpach,
 - les travaux de réhabilitation du château d'eau à Ehrlange,
 - les travaux de réhabilitation du château d'eau de Reckange-sur-Mess,
 - les travaux d'aménagement du chemin vicinal «Schneewitchenwee» à Reckange.
 - 6. Approbation des comptes de la commune de l'exercice 2018**

Le conseil communal procède à l'arrêt provisoire du compte administratif et du compte de gestion de l'exercice 2018. Le Service de contrôle de la comptabilité des communes a renvoyé des comptes au collège des bourgmestre et échevins avec l'information que ces comptes ne donnent pas lieu à observation.
 - 7. Modification du budget ordinaire de l'exercice 2018**

Le conseil communal approuve à l'unanimité la modification du budget ordinaire de l'exercice 2018, fixant de nouvelles recettes et de nouvelles dépenses.
 - 8. Approbation d'un règlement communal concernant l'octroi d'une subvention pour l'acquisition et l'installation de panneaux solaires photovoltaïques et thermiques**

Le conseil communal approuve à l'unanimité le règlement communal quant à l'octroi d'une subvention pour l'acquisition et l'installation de panneaux solaires photovoltaïques et thermiques. (voir détails p. 27)
 - 9. Approbation d'un règlement communal concernant l'octroi d'une subvention pour l'acquisition et l'installation de bassins de récupération d'eaux pluviales**

Le conseil communal approuve à l'unanimité le règlement communal quant à l'octroi d'une subvention pour l'acquisition et l'installation de bassins de récupération d'eaux pluviales. (voir détails p. 27)
 - 10. Approbation d'un contrat de bail**

Le conseil communal approuve à l'unanimité le contrat de bail commercial conclu entre la commune de Reckange-sur-Mess et la société SNNCA s.à r.l., représentée par Monsieur Nicolas SIMON et Madame Anna CZUBA. Ainsi, les locaux de brasserie et de jeux de quilles sont à nouveau loués et exploités. (Photo p. 9)
 - 11. Approbation de la convention tripartite 2019 pour la Maison des Jeunes**

Le conseil communal approuve à l'unanimité la convention tripartite 2019 pour la Maison des Jeunes, qui couvre la période de financement de la Maison des Jeunes d'Ehrlange du 1^{er} janvier au 31 décembre 2019. Les frais totaux sont couverts à 50 % par la commune de Reckange-sur-Mess et 50% par le Mi-

nistère de l'Education nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse.

12. Office social commun – Approbation de la convention pour l'exercice 2019

Le conseil communal approuve à l'unanimité la convention signée entre l'État du Grand-Duché de Luxembourg, les communes de Bertrange, Dippach, Kehlen, Kopstal, Leudelange, Mamer et Reckange-sur-Mess et l'office social commun. Cette convention règle les relations entre toutes les parties quant à l'organisation et au financement des activités de l'office social commun à Mamer.

13. Approbation de l'engagement ainsi que de l'indemnité à payer à un apprenti dans le métier du pépiniériste-paysagiste

Le conseil communal approuve à l'unanimité l'engagement d'un apprenti dans le secteur de l'horticulture au sein de l'atelier communal de Reckange-sur-Mess. De même pour le contrat conclu le 16 septembre 2019 aux clauses et conditions y fixées et de payer les indemnités d'apprentissage telles qu'elles y sont fixées.

14. Valeur du cadeau ou du don offert par l'administration communale pour différentes occasions – décision de principe

Le conseil communal décide à l'unanimité de fixer la valeur du cadeau ou du don à offrir pour différentes occasions comme suit:

- naissance d'un enfant d'un agent communal: 75 €
- partenariat / mariage conclu par un agent communal: 150 €
- décès d'un agent communal en service / en retraite: 75 € et une annonce dans la presse quotidienne
- décès d'un proche (1^{er} degré) d'un agent communal: 75 €

tout en précisant qu'un don ou cadeau d'une même valeur sera offert aux membres du conseil communal pour les occasions énumérées ci-dessus.

15. Cimetières de la commune de Reckange-sur-Mess – approbation de contrats de concession temporaire et perpétuelle.

Le conseil communal approuve à l'unanimité les contrats de concession temporaire et perpétuelle des cimetières de la commune de Reckange-sur-Mess.

15a. Approbation de l'organisation scolaire définitive

Le conseil communal décide à l'unanimité d'arrêter l'organisation scolaire définitive de l'enseignement fondamental des cycles 1 à 4 de la commune de Reckange-sur-Mess pour l'année scolaire 2019/2020, telle que définie dans le document présenté par Monsieur l'échevin Christian Tolksdorf.

16. Divers

Dominique Da Costa (conseiller):

La barrière du chemin cycliste entre Limpach et Sarnem a été installée par l'administration des Ponts & Chaussées pour bloquer la voie aux automobilistes souhaitant contourner les bouchons durant les moments d'affluence. Mais comme cette barrière gêne tout particulièrement les agriculteurs, nécessitant un libre accès à leurs champs, les exploitants souhaiteraient voir cette barrière disparaître. Monsieur Da Costa transmet cette doléance.

Monsieur l'échevin Robert Leclerc explique que cette barrière est régulièrement arrachée par les tracteurs des agriculteurs. De ce fait, et sur décision de l'administration des Ponts & Chaussées, elle est régulièrement remplacée et renforcée, leur priorité étant d'empêcher les automobilistes d'emprunter cette voie.



De „Simon's Bistro" huet am Centre de Rencontre opgemaach. / Le «Simon's Bistro» vient d'ouvrir ses portes au Centre de Rencontre.



D'Reamenagementsaarbechten an der rue Kamerich zu Reckeng. / Les travaux de réaménagement dans la rue Kamerich à Reckange.



Sätzung vum Gemengerot vum 3. Oktober 2019

Uwiesend: Carlo Muller (Buergermeeschter), Robert Leclerc, Christian Tolksdorf (Schäffen), Dominique Da Costa, Sonja Heyard, Marc Ludwig, Nicole Thorn, Esther Schortgen (Conseilleren), Savas Koroglanoglou (Gemengesekretär)

Entschëllegt: Lucien Franck

1. Informatiounen vum Schäfferot

- De 16. September 2019 huet de Marcus Redinger, Léierbouf am Beräich Paysagiste/Pépinieriste, am Gemengenatelier ugefaangen.
- De 16. a 17. September 2019 huet d'Gemeng de Service de contrôle de la comptabilité des communes bei sech empfaangen.
- De 25. September 2019 huet de Schäfferot d'Madamm Diane Wunsch, Coordinatrice vum Télévie, bei sech empfaangen. Si huet de Wunsch geäussert, 2020 zu Reckeng op der Mess e „Centre de Promesses“ z'organisieren. De Schäfferot begréisst dës Iddi, mee konnt se leider net zréckhale, well d'Delaisen ze kuerz an de Manifestationskalenner schonn ze voll ass.
- De 26. September 2019 huet eng Versammlung tëschent dem Schäfferot an de Verantwortleche vum Downhill & Mountainbike Club vu Reckeng op der Mess stattfonnt, zesumme mam Fierschter, dem Här Alain Schomer. Et ass an der dëser Diskussioun ëm 2 Volete gaangen: Engersäits huet d'Gemeng Reckeng op der Mess d'Autorisatioun fir d'Downhill-Piste net rechtzäiteg verlängert. Anerersäits hunn d'Membere vum Club d'Piste ouni déi néideg Autorisatiounen ennerhalen a gefléckt. Dobäi muss een erwähnen, dass dat neit Naturschutzgesetz méi streng Reegelen agefouert huet an d'Membere vum Veräin félicitieren, déi innerhalb vum engem Weekend d'Piste ofmontéiert an de Reegelen no entsuergt huet. Fir déi néideg Autorisatiounen geneemegt ze kréien an eng nei Piste z'exploitieren, muss een den Ëmweltministere an d'Proprietäre vum Terrain op en eventuelle Reclassement vum Terrain an eng Gréngzone uschwätzen. An deem Fall hätt een eng Aart „Aire de jeux en zone verte“.
- De Schäfferot huet sech mat der Firma „Bread Box“ versammelt déi virschléit, e Broutautomat mat Baguetten an der Gemeng z'installieren. Dëst Brout gëtt op der Plaz an op Demande frësch opgebak. D'Gemeng huet dobäi keng zousätzlech Fraisen a kritt esouguer e kleng Loyer. D'Meenung vum Gemengerot ass elo gefrot.
- De 16. September 2019 gouf d'Baugeneemegung fir de Contournement vum der Dippecher Barrière ënnerschriwwen. Fir d'Matbierger zur sanfter Mobilitéit opzeruffen, gëtt eng Foussgängerbréck iwwert d'N13 um Enn vun der Huelstrooss zu Reckeng gebaut.
- Den 28. Oktober 2019, also am Ufank vum der Allerhelljevakanz, wäerten d'Reamenagementsaarbechte an der Rue Kamerich ufänken. En Deel vum der Ka-

nalisation gëtt dobai nei orientéiert. D'Strooss gëtt dofir komplett gespaart an d'Kräizung bei der Schoul opgerappt. (cf. Foto S. 9)

- Den 12. Oktober 2019 fënnt den Nationale Commemorationsdag statt. All d'Membere vum Gemengerot a vun de lokale Veräiner sinn häerzlech agelueden deelzehuelen.
- Den 19. Oktober 2019 fënnt den traditionellen „Halloweenlaf“ statt, organiséiert vun der Reckenger Sportskommissioun.
- Den 31. Oktober 2019 fënnt eng Aarbechtssätzung statt iwwert d'Reklamatiounen, déi am Kader vum der Refonte vum PAG beim Ministère agereecht goufen.
- Déi nächst öffentlech Gemengerotssätzung fënnt de 14. November 2019 statt.
- Den 28. November 2019 fënnt eng Aarbechtssätzung iwwert d'Vegréisserung vun der Maison Relais zu Reckeng statt.
- Den 30. November 2019 fënnt den traditionelle Reckenger Chrëschtmaart statt.
- De 5. Dezember 2019 fënnt eng Aarbechtssätzung zur 1. Version vum Budget 2020 statt.
- Den 19. Dezember 2019 fënnt déi läscht öffentlech Gemengerotssätzung vum Joer statt.

2. Geneemegung vum Rapport vum der leschter Gemengerotssätzung

De Gemengerot geneemegt eestëmmeg de Rapport vum der leschter Gemengerotssätzung.

3. Geneemegung vum enger Conventioun vum Executioudossier vum der Realisatioun vum engem Plan d'aménagement particulier

De Gemengerot geneemegt eestëmmeg d'Conventioun vum Executioudossier vum der Realisatioun vum Plan d'aménagement particulier zu Wickreng, „Op dem Pad“. De 25. Juli 2019 gouf de Projet, deem un dësem PAP drunnhängt, vun der Madamm Innemisteschesch geneemegt. Den Devis vum dësem Executiounsprojet beleeft sech op 2.700.264,06 €.

4. Cartographie vum den iwwerschwemmbaren Zonen an vun den Iwwerschwemmungsrisiken

D'Meenung vum Gemengerot ass an dësem Dossier gefrot, wou de Schäfferot virschléit de Kaarteprojet iwwert iwwerschwemmbare Zonen an Iwwerschwemmungsrisiken ze geneemegen. De 17. Juni 2019 goufen eis Matbierger iwwert d'Elaboratioun vu sou engem

Kaartesystem informéiert. Dës Plang kann een op der Gemeng an um Internetsite vum Ministère de l'Environnement, du Climat et du Développement durable consultéieren. An deem imposéierten Zäitraum si keng Remarque beim Schäfferot ukomm. De Schäfferot weist sech iwwerrascht, dass d'Baache „Mess“ a „Pisbaach“ net an de Kaarte vun den Iwwerschwemmungszonen festgehal goufen, well dës bei staarken Onwieder en Iwwerschwemmungsrisiko duerstellen.

5. Geneemegung vun 11 Decompte bezüglech verschiddenen, extraordinären Aarbechten

De Gemengerot geneemegt eestëmmeg 11 Decompte bezüglech verschiddenen, extraordinären Aarbechten:

- Uschaaftung vu Gemengemobiliär,
- Beliichtungsaarbechten op dem Trëppelwee tëschent der Huelstrooss an Dippech-Gare,
- Erneierungsaarbechten vun de Réier vum Waasserreservoir „Hoën“ zu Eileng,
- Erneierungsaarbechte vun de Verkéiersluuchten an der rue de Roedgen zu Reckeng op der Mess
- Reamenagementsaarbechte vum Trottoir laanscht d'rue des Trois Cantons zu Eileng,
- Trottoir-Amenagement zu Lampech an der Rue de Reckange,
- Spillplazaarbechten hannert dem Parking vum Mess Café,
- Rehabilitatiionsaarbechte vum Waassertuerm zu Lampech,
- Rehabilitatiionsaarbechte vum Waassertuerm zu Eileng,
- Rehabilitatiionsaarbechte vum Waassertuerm zu Reckeng op der Mess,
- Amenagementsaarbechte vum Reckenger Trëppelwee „Schneewitchenwee“.

6. Geneemegung vu Gemengekonte fir d'Joer 2018

De Gemengerot geneemegt eestëmmeg déi provisoresch Festsetzung vum administrative Kont a vum Gestionskont vum Joer 2018. De Service de contrôle de la comptabilité des communes huet d'Konten un de Schäfferot zréckgeschéckt, mat der Informatioun dass dës Konte keen Ulass gi fir weider Observatiounen.

7. Ännerung vum ordinäre Budget vum Joer 2018

De Gemengerot geneemegt eestëmmeg d'Ännerung vum ordinäre Budget vum Joer 2018 a fixéiert domat nei Recetten an nei Ausgaben.

8. Geneemegung vun engem Gemengereglement iwwert Subventiounen fir d'Uschaaften an d'Installatioun vu photovoltaik an thermesche Solarzellen

De Gemengerot geneemegt eestëmmeg d'Gemengereglement iwwert Subventiounen fir d'Uschaaften an d'Installatioun vu photovoltaik- an thermesche Solarzellen. (cf. Detaillier op der Säit 27)

9. Geneemegung vun engem Gemengereglement iwwert Subventiounen fir d'Uschaaften an d'Installatioun vu Reewaassersammelbecken

De Gemengerot geneemegt eestëmmeg d'Gemengereglement iwwert Subventiounen fir d'Uschaaften an d'Installatioun vu Reewaassersammelbecken. (cf. Detaillier op der Säit 27)

10. Geneemegung vun engem Mietvertrag

De Gemengerot geneemegt eestëmmeg de kommerzielle Mietvertrag tëschent der Gemeng Reckeng op der Mess an der Firma SNNCA s.à r.l., vertruede vum Här Nicolas SIMON an der Madamm Anna CZUBA. Esou sinn d'Brasseries- a Keelelokal neess verlount an exploitéiert. (cf. Foto Säit 9)

11. Geneemegung vun der Convention Tripartite 2019 fir d'Jugendhaus

De Gemengerot geneemegt eestëmmeg d'Convention Tripartite 2019 fir d'Jugendhaus, déi d'Finanzéierungsperiod vum 1. Januar bis 31. Dezember 2019 deckt. D'Gesamtkäschte ginn zu 50 % vun der Gemeng Reckeng op der Mess an zu 50 % vum Ministère de l'Education nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse iwwerholl.

12. Office social commun – Geneemegung vun der Konventioun fir d'Joer 2019

De Gemengerot geneemegt eestëmmeg d'Konventioun tëschent dem Lëtzebuurger Staat, de Gemenge



Administration communale
de Reckange-sur-Mess

AVIS

Il est porté à la connaissance du public que le conseil communal de Reckange-sur-Mess, en sa séance du 3 octobre 2019, a **approuvé un règlement communal relatif à l'octroi d'une subvention pour l'acquisition et l'installation de panneaux solaires photovoltaïques et thermiques**. Le règlement de la sorte a été visé par Madame la Ministre de l'Intérieur le 11 octobre 2019.

Le texte de cette délibération est à la disposition du public à la maison communale, où il peut en être pris copie sans déplacement.

Reckange-sur-Mess, le 17 octobre 2019.

Le collège des bourgmestre et échevins

Carlo Muller, bourgmestre
Robert Leclerc, échevin
Christian Tolksdorf, échevin



Bartreng, Dippech, Koplëscht, Leideleng, Mamer a Reckeng op der Mess an dem Office Social Commun. Dës Konventioun reegelt all d'Bezéiungen tëschent deenen 3 Partie bezüglech der Organisatioun an dem Financement vun den Aktivitéite vun dem Office Social Commun zu Mamer.

13. Geneemegung vum Engagement an d'Entscheidung vum engem Léierbouf am Beräich Pépiniériste/Paysagiste

De Gemengerot geneemegt eestëmmeg d'Engagement vun engem Léierbouf am Gärtnerberäich am Gemengenatelier vu Reckeng op der Mess, souwéi de Vertrag, deen de 16. September 2019 ënnerschriww gouf. An dësem Vertrag sinn d'Entscheidungskäschte fir d'Léier fixéiert.

14. Wäert vun engem Cadeau oder vun engem Don säitens der Gemengeverwaltung fir verschidde Geleeënheeten - Grondsazentscheidung

De Gemengerot geneemegt eestëmmeg wéi follegt d'Fixatioun vum Wäert vun engem Cadeau oder vun engem Don fir verschidde Geleeënheete:

- Gebuert vun engem Kand vun engem Gemengenagent: 75 €
- PACS / Hochzäit vun engem Gemengenagent: 150 €
- Doud vun engem aktiven / pensionnéierte Gemengenagent: 75 € (+ Annonce an der Presse)
- Doud vun engem Familljemember vum éischte Grad vun engem Gemengenagent: 75 €

Et gëtt och festgehal dass e Cadeau vum selwechte Wäert un d'Membere vum Gemengerot geet fir d'Geleeënheeten, déi hei uewendriwwer opgelëscht sinn.

14. Geneemegung vun temporären an éiweglaafende Konzessiounsverträg vun de Reckenger Kierfechter.

De Gemengerot geneemegt eestëmmeg déi temporär an éiweglaafend Konzessiounsverträg vun de Reckenger Kierfechter.

15a. Geneemegung vun der definitiver Schoulorganisatioun

De Gemengerot geneemegt eestëmmeg d'Fixatioun vun der definitiver Grondschoulorganisatioun fir d'Cyclen 1 bis 4 vun der Gemeng Reckeng op dr Mess fir d'Joer 2019/2020, sou wéi se vum Här Schäffe Christian Tolksdorf virgestallt gouf.

16. Verschiddenes

Dominique Da Costa (Conseiller):

D'Barriere um Vëloswee tëschent Lampech a Suessem gouf vun der Administratioun vun de Ponts & Chaussées installéiert fir ze vermeiden dass Automobilisten dëse Wee als Schläichwee benotze fir laanscht de Stau ze kommen. Dës Barriere stéiert awer virun allem d'Bauern, dee kee fräien Zougang méi op hir Felder hunn. Dofir géife sech d'Bauere wënschen, dass dës Barriere nees eweggeholl gëtt. Dës Doleance gëtt den Här Da Costa un de Schäfferot virun.

Den Här Schäffe Robert Leclerc erkläert dass des Barriere regelméisseg vun de Baueren hire Maschinnen mat eweggerappt gëtt an dowéinst hunn d'Ponts & Chaussées entscheed, dës Barriere nach eng kéier z'ersätzen an ze verstärken, well hir Prioritéit ass dass d'Automobilisten weiderhinn iwwert d'Strooss fueren.



De Schäfferot vun der Gemeng Reckeng op der Mess, zesumme mat der Ëmweltkommissioun, huet alle Schüler aus der Reckenger Schoul dëse Bidon geschenkt. Domat reduzéiere mir zesummen net nëmme eise Plastikverbrauch, mee mir profitéiere ganz einfach vun engem Luxus, deen direkt aus dem Krunn kënnt.

Le collège échevinal de Reckange-sur-Mess et la commission de l'environnement ont offert cette gourde à tous les élèves de l'école de Reckange. Cela permet de réduire ensemble notre consommation de plastique et de profiter tout simplement d'un luxe qui nous vient directement du robinet.

Séance du conseil communal du 14 novembre 2019

Présents: Carlo Muller (bourgmestre), Robert Leclerc, Christian Tolksdorf (échevins), Dominique Da Costa (à partir du point 4), Sonja Heyard, Marc Ludwig, Esther Schortgen, Nicole Thorn (à partir du point 7a) (conseillers), Savas Koroglanoglou (secrétaire communal)

Excusé: Lucien Franck

1. Informations du collège échevinal

- Une réunion avec Monsieur Tom Bleyer de l'administration des Ponts & Chaussées a eu lieu. Un premier point portait sur la situation de l'arrêt de bus «Wollefskaul» à l'entrée de Reckange, en provenance de Roedgen. La vitesse des voitures et la visibilité réduite rend ce site relativement dangereux, notamment au niveau du chemin pédestre qui mène vers le village. Un second point portait sur un citoyen de Limpach, qui souhaiterait avoir accès à son champ par le biais de la voie cyclable Reckange-Limpach. Un 3^e point portait sur le réaménagement de l'entrée de Limpach, pour lequel il l'avis et l'accord de l'administration des Ponts & Chaussées est nécessaire, s'agissant d'un «CR» («chemin repris»).
- Le collège échevinal a accueilli les représentants du SICONA pour la présentation de leur programme annuel 2020. Le budget ordinaire 2020 de la commune prévoit une dépense de 82.000 € pour l'entretien des biotopes, des vergers et des étangs. Le budget extraordinaire prévoit une dépense de 46.000 €, principalement pour couvrir les frais d'activités dans le cadre de la protection de la nature et de campagnes de sensibilisation.
- Une réunion avec les responsables du corps enseignant a eu lieu quant aux besoins informatiques de l'école fondamentale. Il s'agit ici d'un investissement important qui sera réparti sur plusieurs années.
- À Cessange, les représentants de la commune ont participé à un workshop quant à la refonte de la loi communale, proposé par le Ministère de l'Intérieur. Il s'agissait là d'une toute première approche très intéressante.
- Le collège échevinal s'est réuni avec les représentants du comité d'école pour fixer le budget ordinaire 2020 pour les besoins de l'école.
- L'atelier communal s'est vu délivrer sa toute nouvelle camionnette, avec son système de conteneurs «Roll on, Roll off». (voir photo p. 14)
- À partir du 1^{er} décembre 2019 et en coopération avec la commune de Leudelange, la commune instaurera le «Late Night Bus» qui, du centre ville, pourra rapatrier les noctambules durant les nuits du vendredi au samedi et du samedi au dimanche. (voir détails p. 14)
- Le réaménagement de la rue Kamerich rencontre certaines difficultés et n'a pu respecter les délais impartis. Ces retards sont dus à la découverte d'un certain nombre de conduites d'eau souterraines non-répertoriées sur les plans. Ces retards ont impacté le chemin scolaire des élèves et des parents durant une semaine, surtout le samedi matin. (voir photo p. 9)
- La société «Bread Box» propose d'installer un distributeur automatique de baguettes. Ce pain est cuit sur place et à la demande. Il n'y aura pas de frais supplémentaires pour la commune, elle touchera même un loyer mensuel sur une durée de 5 ans. Comme il n'y a pas de boulangerie au sein de la commune, le collège estime que ce service sera apprécié par les habitants.
- La commande du réaménagement de l'entrée de Limpach a été signée. Les travaux sont prévus à partir de fin 2019, début 2020.
- La commande de l'aménagement du chemin pédestre entre la rue des Trois Cantons et la zone d'activités d'Ehlinge a été signée. Ces travaux s'élèvent à 75.000 €.
- Le 5 novembre 2019 a eu lieu une présentation publique du cadastre solaire de Reckange, ainsi que de ses nombreux subsides communaux. Cette présentation, qui a eu lieu à la salle «Quääärten» au Centre de Rencontre «Um Buer», a rencontré un franc succès.
- Le 12 novembre 2019 a eu lieu la «plateforme maison des jeunes», durant laquelle a été dressé le bilan 2019 ainsi que les prévisions et le programme pour l'année 2020. Il a été constaté que le nombre et l'âge des jeunes était en constante croissance. Nombreux sont ceux qui s'y inscrivent dans la longévité car, mêmes les jeunes partis au lycées gardent leurs contacts intacts grâce à la maison des jeunes.
- La convention d'exécution et les plans du PAP à Wickrange ont été approuvés par le Ministère. Le premier grand projet consistera en la construction de «Motor World».
- Le 23 novembre 2019 aura lieu une réunion de travail pour le 1^{er} projet de la construction de la nouvelle maison relais.
- Le 30 novembre 2019 aura lieu le traditionnel marché de Noël de Reckange-sur-Mess.
- Le 15 décembre 2019 aura lieu la Fête des Seniors au Pëtzenhaus, organisée par la Commission du 3^e âge et de la mobilité réduite de Reckange-sur-Mess.
- Le 19 décembre 2019 aura lieu la dernière réunion publique du conseil communal de l'année.
- Le 11 janvier 2020 aura lieu la Fête du Personnel de la commune de Reckange-sur-Mess au Pëtzenhaus.

2. Approbation du rapport de la dernière séance du conseil communal

Le conseil communal approuve à l'unanimité le rapport de la dernière séance du conseil communal.



3. Nouveau projet d'aménagement général de la commune de Reckange-sur-Mess - Avis du conseil communal par rapport aux réclamations introduites auprès du Ministère de l'Intérieur

Le conseil communal, en sa séance du 4 juillet 2019, a approuvé le nouveau projet d'aménagement général, parties graphique et écrite, tel que modifié suite aux réclamations et avis ministériels reçus. Suite à ce vote, 8 réclamations ont été introduites auprès du Ministère de l'Intérieur. Après l'exposition des raisons pour lesquelles 6 des 8 réclamations vont à l'encontre de la stratégie communale, le conseil communal décide à l'unanimité de ne pas faire droit à celles-ci. Pour 2 des 8 réclamations, le conseil communal décide de proposer des adaptations du PAG.

4. Réaménagement du pont sur le chemin rural à Wickrange, «Graspasch»

Le conseil communal approuve à l'unanimité le devis relatif aux travaux de réaménagement du pont sur le chemin rural à Wickrange, «Graspasch».

5. Approbation de cinq devis relatifs à la mise en état de la voirie rurale

Le conseil communal approuve à l'unanimité

- la réalisation de travaux de reprofilage et de goudronnage du chemin rural «Strachen ënnert der Ronnheck» à Ehlinge,
- les travaux de décapage des accotements et nettoyage des fossés du chemin rural «Op Gondel» à Reckange-sur-Mess,
- les travaux de reprofilage et de goudronnage du chemin rural «Fierkebiërg» à Reckange-sur-Mess.
- les travaux de reprofilage et de goudronnage du chemin rural «Steeweë» à Pissange,
- les travaux de réparation des têtes de buses et nettoyage des fossés du chemin rural «Laangheck» à Wickrange.

6. Approbation d'une convention entre les communes de Reckange-sur-Mess et Leudelange portant sur le fonctionnement d'un service «Late Night Bus»

Le conseil communal approuve à l'unanimité la mise en place d'un service «Late Night Bus», à partir du 1^{er} décembre 2019. Le bus en question circulera gratuitement durant la nuit du vendredi au samedi et du samedi au dimanche. (voir détails ci-dessous)

7. Cimetières de la commune de Reckange-sur-Mess - approbation de contrats de concession temporaire et perpétuelle.

Le conseil communal approuve à l'unanimité les contrats de concession temporaire et perpétuelle des cimetières de la commune de Reckange-sur-Mess.

7a. Approbation d'un contrat de location avec la société Sudgaz

Le conseil communal approuve à l'unanimité le contrat de location avec la société Sudgaz, portant sur la mise à disposition de la toiture du bâtiment «Blo Schoul» à Reckange-sur-Mess en vue de l'installation de panneaux photovoltaïques.

8. Divers

Aucune question n'a été adressée au collège échevinal.



Déi nei Camionette vum Gemengenatelier mam "Roll on, Roll off"-System. / La nouvelle camionette "Roll on, Roll off" de l'atelier communal.

LATE NIGHT BUS
LEUDELANGE - RECKANGE

LA NUIT DU VENDREDI AU SAMEDI
ET DU SAMEDI AU DIMANCHE
À PARTIR DU 1^{er} DÉCEMBRE 2019
SERVICE GRATUIT

GEMENG LEIDELANG **RECTIFICATIF** 
NOUVEAUX HORAIRES Administration communale de Reckange-sur-Mess

TRAJET	ARRÊT	HORAIRE
KIRCHBERG	ALPHONSE WEICKER (QUAI 2)	1:15 3:15
CLAUSEN	CLAUSENER BRECK (QUAI 2)	1:20 3:20
LUXEMBOURG	BADANSTALT	1:23 3:23
LUXEMBOURG	HAMILLIUS (QUAI 2)	1:25 3:25
GARE CENTRALE	QUAI 103	1:30 3:30
HOLLERICH	FONDERIE (QUAI 2)	1:32 3:32
HOLLERICH	BOUILLON (QUAI 2C)	1:34 3:34
LEUDELANGE	OP DER STROOSS	1:40 3:40
LEUDELANGE	WASCHBUER	1:45 3:45
LEUDELANGE	KAMELEBIERG	1:47 3:47
LEUDELANGE	SCHLEIWEHHAFF	1:50 3:50
LEUDELANGE	GARE	1:53 3:53
ROEDGEN	LAANGWIS	2:00 4:00
RECKANGE	AM DUERF	2:05 4:05
LIMPACH	KIIRCH	2:10 4:10
LIMPACH	UECHT	2:12 4:12
PISSANGE	WASCHBUER	2:15 4:15
EHLANGE	AM BRILL	2:22 4:22
WICKRANGE	RUMBAACH	2:24 4:24

Sëtzung vum Gemengerot vum 14. November 2019

Uwiesend: Carlo Muller (Buergermeeschter), Robert Leclerc, Christian Tolksdorf (Schäffen), Dominique Da Costa (ab dem Punkt 4), Sonja Heyard, Marc Ludwig, Esther Schortgen, Nicole Thorn (ab dem Punkt 7a) (Conseilleren), Savas Koroglanoglou (Gemengesekretär)

Entschëllegt: Lucien Franck

1. Informatiounen vum Schäfferot

- De Schäfferot huet sech mam Här Tom Bleyer vun der Administration des Ponts & Chaussées getraff. An éischter Hisiicht goung et em d'Situatioun vun der Bushaltestell „Wollefskaul“, an der Entree vu Reckeng wann ee vu Riedgen kënnt. D'Geschwindegeet vu verschidde Automobilen sou wéi eng reduziert Visibilitéit droën dozou bäi, dass dës Site relativ geféierlech ass, virun allem um Niveau vum Tréppelwee deen an d'Duerf féiert. Zweetens ass et em e Bierger vu Lampech gaang, deen iwwert de Vëloswee Reckeng-Lampech Zougang zu sengem Feld bräicht. An drëttens goung et em de Reamenagement vun der Entree vu Lampech, fir deen d'Geneemegung vun de Ponts & Chaussées néideg ass, well et sech hei em en CR („chemin repris“) handelt.
- De Schäfferot huet d'Vertrieder vun der SICONA empfaange fir d'Virstellung vun hirem Joresprogramm 2020. Den ordinäre Budget 2020 vun der Gemeng gesäit eng Ausgab vun 82.000 € vir, fir den Ënnerhalt vun de Biotopen, Bongerten a Weieren. Den extraordinäre Budget gesäit eng Ausgab vu 46.000 € vir, fir Aktivitéitsfraisen am Kader vum Naturschutz a Sensibiliséierungskampagnen ze decken.
